Kanton Réiden Tourisme

# WEEKEND VUM WËLLE WESTEN





**De 29ten a 30ten Juni war et erëm esou wäit! Den TouristInfo vum Kanton Réiden huet op hiert touristescht Fest fir Grouss a Kleng invitéiert. Dëst Joer huet de Weekend vum Wëlle Westen zu Useldeng stattfonnt, samschdes op der Useldenger Buerg a sonndes mat engem Quiz-Rallye ronderëm Useldeng.**



Begleet vun der Musiksschoul Kanton Réiden, ënnert der Moderatioun vum Christian Schmit, a mat grousser Ënnerstëtzung vun de Kultur-a Buergfrënn Useldeng gouf de Weekend vu sëllege Politiker*innen an Éieregäscht ageleet.

Fir Animatioun, Iessen & Gedrénks a Spill & Spaass war iwwert de ganze Samschdeg gesuergt. Am Buerg- an am Millenhaff konnten d'Visiteuren eng ganz Panoplie u Stänn aus der Regioun bewonneren a bei Aktivitéite matmaachen. Vu Ritterschëlder a Schwäerter bemolen, iwwert Alpakaen heemelen, Kraider erëmfanne bis hin zum Schiferatelier a Face-painting; eng gutt Zäit fir déi ganz Famill war garantéiert! Niewebäi war natierlech och fir musekalesch Begleedung gesuergt mat Hëllef vun Djembé, der Lou Tennant & Band, den Troubadours d'Aliénor, a Powerblech.



Highlight dëst Joer ware gratis Visitte fir Kanner an Erwuessener vun der Useldenger Buerg, d'Präsenz vun der faszinéierender Dollarmatti, wéi och d'Begleedung vum Potty Lotty um Wiichtelcherswee.

Den TouristInfo Kanton Réiden seet all den touristesche Partner a Veräiner e grousse Merci, déi zum Succès vun dësem Event bäigedroen hunn! Vu datt de Weekend vum Wëlle Westen all Joer op engem aneren touristesche Site stattfënnt, rode mir Iech un: stay tuned!









***Le 29 et le 30 juin derniers, la troisième édition de notre « Weekend vum Wëlle Westen » a connu un autre succès ! Organisé par TouristInfo Kanton Réiden, cette fête touristique a rassemblé des participants de tous les âges pour une célébration au cœur du charmant village d'Useldange.***

*Les festivités ont débuté samedi, avec de nombreux stands installés autour du château historique d'Useldange, et ont continué dimanche avec un rallye à travers le village. L'événement a été officiellement inauguré avec la participation de la Musiksschoul Kanton Réiden, sous la modération de Christian Schmit, et avec le soutien essentiel de « Kultur - a Buergfrënn Useldeng ». De nombreux politiciens et invités d'honneur étaient présents pour marquer cette occasion spéciale.*

*Les visiteurs ont eu le plaisir de profiter d'une multitude de divertissements, de délicieuses spécialités culinaires multiculturelles, de boissons rafraîchissantes, de jeux et d'activités tout au long de la journée. La cour du château et le « Millenhaff » étaient animés par des stands régionaux proposant des ateliers interactifs tels que : le maquillage pour enfants, la fabrication d'épées et de boucliers de chevaliers, les caresses d'alpagas, la cueillette d'herbes et les ateliers d'ardoise - de quoi garantir du plaisir pour toute la famille !*

*Les performances musicales du djembé, de Lou Tenant & Band, des Troubadours d'Aliénor et de Powerblech ont offert une ambiance festive tout au long de la journée.*

*Parmi les attractions spéciales, on pouvait profiter de visites guidées gratuites du château d'Useldange pour petits et grands, de la présence de la fascinante Dollarmatti, et d'une promenade guidée du « Wiichtelcherswee » avec Potty Lotty.*

*TouristInfo Kanton Réiden tient à exprimer sa profonde gratitude envers tous les partenaires touristiques et tous ceux qui ont contribué à la réussite de cet événement. Comme le « Weekend vum Wëlle Westen » se déroule chaque année à un nouvel endroit touristique, nous vous invitons à rester informés pour découvrir la destination de l'année prochaine !*

English version



KANTON RÉIDEN
TOURISME

**TOURISTINFO VUM KANTON RÉIDEN**
1, am Millenhaff
L-8706 Useldange
T 28 33 45
tourisme@kanton-reiden.lu
www.visitwellewesten.lu

@visitwellewesten